# Communiqué

## Den Ausfall  vum Beweegungsunterrecht an der Grondschoul (Cycle 2 – 4)

Vum 25. Mee bis den 29. Mee 2020 waren d'Grondschüler elo an der Schoul. Hei hunn si (an A / B Gruppen) 2, respektiv 3 Deeg am Léiergrupp am Franséischen, am Däitschen an an der Mathe geschafft. Chapeau fir eis Schüler, well et ass net einfach sech vu moies 8h00 bis 13h00 ze konzentréieren.

Doduerch dass kee Schoulsport méi virgesinn ass bis September gëtt dat Fach net grad valoriséiert. Iwwerall gesinn eis Kanner a Jugendlech Lockerungen, firwat net och am Schoulsport?

Mir als BLG wëllen eis derfir asetzen, dass d'Schülerinnen an d'Schüler nees d'Méiglechkeet kréien sech am Kader vum Schoulsport ze beweegen. Vu dass di eenzel Gruppen elo kleng si misst et méiglech sinn dat ze organiséieren.

A verschidde Gemenge sti Sportshalen eidel an anere sinn Übungsgruppen dran ënnerbruecht, dofir sollt et an eisen Aen all Schoul iwwerlooss sinn, ob a wéi se en eventuelle Beweegungsunterrecht / Turnunterrecht ubidden, selbstverständlech am Aklang mat den hygienesche Reegele vum Covid-19. Dëst kann an engem interne Schoulroulement organiséiert ginn. Op bannen oder baussen, sollt all Schoul iwwerlooss sinn.

D'Situatioun am noën Ausland weist, dass de Schoulsport do en anere Stellewert genéisst: An der Belsch, am Frankräich an an der Schwäiz zum Beispill gëtt d' Fach „Education Physique" als e glaïchwäertegt Fach unerkannt. Do fënnt de Schoulsport och rëm statt.

D'Sportsveräiner hei am Land dierfen zum Gléck nees Trainingen ofhalen, awer d'Schoulkanner dierfen net an d'Hal oder op den Outdoor-Terrain ? Dëst ass net novollzéibar a sollt dringend iwwerduecht a geännert ginn.

Loosst eis Schülerinnen a Schüler w.e.g. nees an d'Halen oder Outdoor-Terraine vum Land. Si kënnen am Klassesall hir Turnschlappen undoen (oder huelen se mat bis an d'Hal an dinn se do réischt un) an turnen eng Ronn 30-40 Minutten zesumme mat hirem Schoulmeeschter oder hirer Joffer. Hei muss dem Enseignant Vertraue geschenkt ginn, dass en dat mécht, wéi d'Hygiène am Covid-19 et verlaangt. Et gëtt eng Onmass vun Übungen a Beweegungslandschaften, déi ee fir dës Situatioun notze kéint.

Letz move, now !